N°5499
Reçue le 14.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 14.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Zënter e puer Jore ginn zu Lëtzebuerg an an der Ëmgéigend ëmmer méi Wëllef an der fräier Natur gesicht. Dës Woch gouf bei Wëntger nach een Deier gesinn an och fotograféiert, wéi an engem Artikel op *rtl.lu* vum 13te Januar ze liesen ass. Et ass eng erfreelech Nouvelle, dass an eiser heemescher Fauna erëm Wëlldéieren optauchen, déi opgrond vum Mënsch virun honnert Joer bal komplett ausgerott goufen. Et gëllt elo ze kucken, dass dës Déieren sech och hei am Land usidele kënnen. Dofir gouf 2017 een Aktiouns- a Managementsplang op d'Bee gesat, fir de korrekten Ëmgang mat de Wëllef, wann se erëm optauchen, ze reegelen.

De Wollef ass eng Déierenaart, déi ënnert der CITES-Konventioun an deemno op europäeschem Niveau geschützt ass. Hei zu Lëtzebuerg ass d'Déier duerch verschidde Gesetzer a groussherzoglech Reglementer geschützt, soudass enger potenzieller Usiidlung vum Déier bei eis näischt am Wee stoen dierft.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Naturverwaltung Kenntnis vu weidere Wëllef, déi hei am Land ënnerwee sinn? Falls jo, wéi vill Wëllef zirkuléieren aktuell zu Lëtzebuerg?

2. Wéi eng Sanktiounen erwaarden eng Persoun, déi bei enger Juegd ee Wollef erschéisst?

3. Wéi eng Sanktiounen erwaarden eng Persoun, déi ee Wollef verletzen oder dout maachen?

4. Ass de Ministère mat der Jeeërfederatioun souwéi de Bauerenassociatiounen a Kontakt, fir d'Jeeër iwwert d'Presenz vum Wollef an den Aktiounsplang opzeklären? Sinn an deem Beräich speziell Formatioune fir d'Jeeër a Bauere virgesinn?

5. Wéi am Gestiounsplang vum Ministère ze liesen ass (Säit 31), wieren Accidenter mat Autoen eng vun de gréisste Geforen fir d'Wëllef. Lëtzebuerg huet ee vun den

dichteste Stroossenetzer op der ganzer Welt, wat net fërderlech ass fir d'Iwwerliewe vum Wollef. Am Fall, wou ee Wollef ugestouss gëtt, wéi sollen d'Leit reagéieren? Wien hëllt an esou Fäll d'Decisioun, ob ee verletzten Déier gerett oder dout gemaach gëtt?

6. Ginn d'Doudesfäll vu geschützten Déierenaarten (Wollef, Fuuss, etc.) vum Ministère an engem Rapport festgehalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5499 vum 14. Januar 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Présence d'un loup dans la région den Wincrange"**

**Zënter e puer Jore ginn zu Lëtzebuerg an an der Ëmgéigend ëmmer méi Wëllef an der fräier Natur gesicht. Dës Woch gouf bei Wëntger nach een Deier gesinn an och fotograféiert, wéi an engem Artikel op rtl.lu vum 13. Januar ze liesen ass. Et ass eng erfreelech Nouvelle, dass an eiser heemescher Fauna erëm Wëlldéieren optauchen, déi opgrond vum Mënsch virun honnert Joer bal komplett ausgerott goufen. Et gëllt elo ze kucken, dass dës Déieren sech och hei am Land usidele kënnen. Dofir gouf 2017 een Aktiouns- a Managementsplang op d'Bee gesat, fir de korrekten Ëmgang mat de Wëllef, wann se erëm optauchen, ze reegelen. De Wollef ass eng Déierenaart, déi ënnert der CITES-Konventioun an deemno op europäeschem Niveau geschützt ass. Hei zu Lëtzebuerg ass d'Déier duerch verschidde Gesetzer a groussherzoglech Reglementer geschützt, soudass enger potenzieller Usiidlung vum Déier bei eis näischt am Wee stoen dierft.**

**1. Huet d'Naturverwaltung Kenntnis vu weidere Wëllef, déi hei am Land ënnerwee sinn? Falls jo, wéi vill Wëllef zirkuléieren aktuell zu Lëtzebuerg?**

Nee, d'Naturverwaltung huet keng Kenntnis vu weidere Wëllef. D'Philosophie vun dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Naturverwaltung an deem Dossier ass total Transparenz. Wann ee Wollef detektéiert gëtt, gëtt dat via d'Press matgedeelt.

**2. Wéi eng Sanktiounen erwaarden eng Persoun, déi bei enger Juegd ee Wollef erschéisst?**
**3. Wéi eng Sanktiounen erwaarden eng Persoun, déi ee Wollef verletzen oder dout maachen?**

De Wollef ass eng integral geschützten Aart. Wann ee Mënsch ee Wollef géif blesséieren oder dout maachen, géif ee Procès-verbal un de Parquet geschéckt ginn wéint enger Infraktioun zum Naturschutzgesetz. Wéi do d'Sanctioun géif ausgesinn, géif dann ee Riichter decidéieren. Am Naturschutzgesetz si Strofe vun 251€-750.000 € an/oder 8 Deeg bis 6 Méint Prisong fir Infraktioune virgesinn. Am Fall wou bei enger Juegd ee Jeeër géif ee Wollef erschéissen, wier zousätzlech eng administrativ Strof (Retrait vum Juegdschäin) iwwert d'Juegdgesetz virgesinn.

**4. Ass de Ministère mat der Jeeërfederatioun souwéi de Bauerenassociatiounen a Kontakt, fir d'Jeeër iwwert d'Presenz vum Wollef an den Aktiounsplang opzeklären? Sinn an deem Beräich speziell Formatioune fir d'Jeeër a Bauere virgesinn?**

Entretemps dierft bal jidderengem bekannt sinn, dass den Aktiouns- a Managementplang mat allen Akteuren zesummen ausgeschafft ginn ass, also vun insgesamt 18 Auteuren, wou och d'Chambre d'agriculture an déi zwou Jeeërvereenegungen dobäi waren. Jiddereen, dee sech fir dee Plang interesséiert, kann deen och um Internet op www.emwelt.lu op Däitsch an op Franséisch liesen. All Bauer, all Juegdpiechter an all Schofsziichter krut esou ee Plang geschéckt. De Groupe de pilotage, deen de Plang ausgeschafft huet, gesäit sech eemol d'Joer fir de Joeresbilan.

Et sinn och säit 2015 ronn 20 ëffentlech Presentatiounen ofgehale ginn, wou iwwert de méigleche Retour respektiv iwwert de Retour vum Wollef geschwat gouf, déi vun iwwert 4200 Leit besicht goufen, dorënner ganz vill Baueren a Jeeër. Den 3. März 2022 um 19.30 ass am Kader vum World Wildlife Day 2022 nees esou eng Presentatioun, organiséiert vun der Naturverwaltung, dem Naturmusée an der Gemeng Wëntger. Den éierewärten Deputéierten ass häerzlechst invitéiert déi nozelauschteren. Aschreiwe kann ee sech ënnert dësem Link: https://gd.lu/4rBwbw.

**5. Wéi am Gestiounsplang vum Ministère ze liesen ass (Säit 31), wieren Accidenter mat Autoen eng vun de gréisste Geforen fir d'Wëllef. Lëtzebuerg huet ee vun den dichteste Stroossenetzer op der ganzer Welt, wat net fërderlech ass fir d'Iwwerliewe vum Wollef. Am Fall, wou ee Wollef ugestouss gëtt, wéi sollen d'Leit reagéieren? Wien hëllt an esou Fäll d'Decisioun, ob ee verletzten Déier gerett oder dout gemaach gëtt?**

Wéi bei all blesséierten Déieren sollten d'Leit der Police oder dem Fierschter Bescheed soen. Am Gestiounsplang ass och ze liesen (Säit 46), dass bei liicht blesséierte Wëllef keen Handlungsbedarf besteet; schwéier blesséiert Wëllef sollen no Méiglechkeet behandelt ginn, a wann eng Behandlung net méiglech ass, wéi all schwéiert blesséiert Déier erléist ginn (Betäubung an Aschléiferen duerch d'Administration des Services vétérinaires).

**6. Ginn d'Doudesfäll vu geschützten Déierenaarten (Wollef, Fuuss, etc.) vum Ministère an engem Rapport festgehalen?**

Nee, ee Rapport zu den Doudesfäll vu geschützten Déierenaarte gëtt net festgehalen. Awer, d'modifizéiert Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 gesäit folgendes vir: "*Art. 21 (3) Les captures et mises à mort accidentelles des espèces animales intégralement protégées doivent être signalées au ministre. Sur la base des informations recueillies, le ministre prend les mesures de conservation nécessaires pour que les captures ou mises à mort accidentelles n'aient pas une incidence négative sur l'état de conservation des espèces en question.*" Deemno wäert am Fall vu geheeften Doudesfäll vun integral geschützten Déierenaarten, wéi dem Wollef, och Moossnamen ergraff ginn.

De Fuuss ass keng integral geschützten Déierenaart, mee eng normal Wëldaart ouni Juegdzäit, an domat am Schutzstatus "partiellement protégé".

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung